

Ried vum Blanche Weber, Presidentin Mouvement Ecologique, Kongress 22.3.2014

Leif Memberen,
Leif Frënn,
Leif Sympathisanten,

Gëschter Owend hunn ech eng Opnahm vun der leschter Emissioun vun der Kabarettssendung "Die Anstalt" gekuckt. Den Haaptthema vun der Sendung wuar: "Vive la Revolution!"

Et wuar absolut genial mat wéi enger Ironie, Bëssegkeet a Konsequenz Mëssstänn thematiséiert gi sinn a fir gesellschaftlech Reformen agebruecht gouf. Dës Kabarettssendung huet mech - a Verbindung mat Interviewen, wou ech an der Läscht hat - motivéiert folgend Ried ze halen. An den Interviewe ginn ech alt gefrot: dir maacht zënter Joeren drop opmierksam, datt trotz allem Engagement och vun iech a Verbesserung wou gemaach goufen, d'Diversitéit weider ofhëlt, d'Waasserqualitéit grosso modo net verbessert gouf, d'CO2-Emissiounen weider klammen asw. asf. Ass dat net frustrant a wéi eng Conclusiounen zitt dir draus? Ma dach et ass frustrant, an d'Conclusioun ass méi wéi jee: mäer wëllen a brauchen e regelrechten Opbroch an en anere Gesellschaftsmodell!

3 aktuell Beispiller vu ganz verschiddene Niveauen illustréieren dat ganz gutt

- **Als éischt: d'Fräihandelsvertrage tëscht EU an Amerika**, wat elo zur Diskussioun steet. Do solle jo all Handelsbarrièren ofgebaut ginn - op Käschte vu Verbraucherschutz, Gesondheet, Umwelt, sozialer Sécherheet an Demokratie. Eng extrem Ofschwächung vun de Normen no ënnen. Wat do am Ablack hannert zouenen Dieren ausbaldowert gëtt, dat stellt schlichtweg all sozial, ekologesch an demokratesch Errungenschaften aus de lëschte Joeren a Joerzénge an Fro. Firwat? Ma well scheinbar weltwäit 0,5% méi Wuesstëm iwwert 10 Joere géingen engendréiert ginn. Eis gesellschaftlech Acquis'en affere fir 0,05% méi Wuesstëm / Joer?! Ma geet et dann! Oder, a vläit stëcht nach méi dat derhannert, fir datt e puer grouss Betriber a Firmen déi kleng nach méi opfriesse kënnen, wëll si sech mat manner Regele besser um globaliséierte Muart géint méi klénger, regionaler behaapte kënnen? Nach méi d'Diktat vu grouse Konzerne an hirem Bild vun Aarbechtskonditiounen, vu Konkurrenz? Dat ka kee verstännege Mënsch wëllen!

Mat geaffert sollen awer och demokratesch Rechter ginn: fort mat Gesetzter wou während Joere vu nationale Parlamenten an demokratesche Prozesser gestëmmt goufen... an zeréck vrun allem a Mäuselgremien. A wann e Betrieb sech benodeelegt spiert, da kann hie sech vertrauensvoll un 3 wéi och ëmmer genannte Schiedsrichter riichten, a net un e Geriicht. D.h. zeguer eis Justiz gëtt mat a Fro gestallt... Géint esou e mënschen- an déiereveruechtenden, naturzerstéierende, asozialen an ondemokratesche Virstouss wiisst de Widerstand, och an Amerika.

A wann en Här Juncker an anerer eis soen, datt mäer d'EU brauchen, datt mäer kee Rietsruck dierfen an der EU kréien, dann droe mäer dat. Ma wa mäer sollen un d'EU gleewen, da solle si och am EU-Wahlkampf elo méi leidenhuert wéi je soen: mat eis keen esou ee Fräihandelsvertrage! Och net an ofgeschwächter Form, well de Fong steet net fir déi Welt wou mäer wëllen !

An da sollen si och endlech d'EU positionéieren als Bündnis, wou grondsätzlech en anere Wee wëll erschaffen a net deen, wou e konkurrenzéierende Weltmuert mat opbaut oder him nogerannt gëtt.

Dat ass bis elo net genuch gelongen! Wann Europa erëm soll begeeschteren, **da brauche mäer en Europa wat fir e solidareschen, demokrateschen op d'Gemeinwohl opgebaute Gesellschaftsmodell steet! Dat muss och Thema vun den Europawale bei eis ginn!**

- **An da kommen ech op dat zweet Beispill: De PDR, de plan de développement rural**, d.h. d'Ëmsetzung vun der EU-Agrarpolitik zu Lëtzebuerg, woubäi all Land nach e kléngen awer wichtege Spillraum huet. Hannert deem eigentlech e bëssjen ofschreckende Numm geet et ëm grondsätzlech: An zwar - fir et vläit vereinfachend, ma awer richteg ze soen: wëlle mäer eng nach op familien, mettelstännesch Betriber orientéiert Landwirtschaft am Land, oder wëlle mäer mat gezielte Finanzmëttel grouss Betriber verstärkt ënnerstëtzen? Wëlle mäer wierklech an eng Konkurrenz um Weltmuart anrieden, oder wëlle mäer alles maache fir eng Stärkung vun enger regionaler Liewensmëttelproduktioun a Vermaartung ze kréien? A wëlle mäer gezielt soen, jo, mäer wëllen ëffentlech Gelder esou investéieren, datt mäer e puer zentral gesellschaftlech Zieler ënnert een Hutt bréngen - d.h. eng zukunftsfaeg Landwirtschaft wou e reelle Bäitrag zum Erhalt zur Diversitéit am Wasserschutz lescht? Nach huet de Landwirtschaftsministère net de Courage gehaat eng richteg Debatt zu de grousser Linne vum PDR zouzelosse resp. ze förderen, am Géigendeel, den ablacklech virleienenden Entworf vum PDR geet an zentrale Punkten an déi falsch Richtung.

Ma mäer bleiwen derhannert : 700 Milliounen Euro - jo, esou vill ëffentlech Gelder soll an de nächste 7 Joer investéiert ginn - solle bewosst fir eng mi familjeno mëttelstänneg Landwirtschaft investéiert ginn, wou iwwerlieft am Respekt vun de Naturraim an dem Wasserschutz... **Duerfir: Här Etgen, ännert d'Orientéierung vum Entworf vum PDR wei en elo virläit, am Interessi vun der Gesellschaft, an och der lëtzebuergescher Landwirtschaft!**

- **Dat drëtt Beispill: d'Affaire Monkeler**: En Debakel, vun hanne bis fir. Fir et e e bëssjen plakativ duerstellen: De Bedreiwler vun der Asphaltfabrik probéiert scheinbar an enger éischter Phase eng Genehmegung mat engem Minimum vun Oploen ze kréien! D'Gemenge këmmen sech während Joeren net em de Chaos an der Zon, loossen net déi noutwendeg Kommodo-Genehmegung am Interessi vum Schutz vun de Leit an der Umwelt erstellen! Si hu souguer - oder zumindest Esch - e neit Lotissement direkt derbäi zougelooss! De Nohaltegekeetsministère dann, hien huet an de vergaangene Joer d'Betriber net gecheckt wou do sins. Konsequenz: et gëtt der jo scheinbar wou iwwerhaupt kéng Genehmegung hunn an anerer halen hier Oploen net an. Eigentlech huet sech och de gesamte Wirtschaftsboard net drëm gekëmmert, fir datt hier Aktiviteiten en règle sinn... An elo huet een zousätzleche Betrib d'Faass zum iwwerlaafe bruet. A wat geschitt: Grouss Besuergnis bei de Leit, d'Gemenge gräifen emol den Umweltminister un, a se iwwertünchen hier Responsabilitéit am ganzen; den Umweltministère réagéiert virun allem staatstragend a geheet den anere fir si géingen sech net ëm de Rechtsstat këmmere falls si de Betrib net wëllen. An bestëmmt Medie fannen de Scoop an e rosene Sall vu Leit méi spannend, wéi elo en inhaltleche Suivi vum Dossier a méi eng grondsätzlech Analyse.

Ma wa mäer wëllen no fir kucken, da misste mäer dach folgendes soen:

* esou geet et net weider an der Emwelpolitik. Mäer wëllen elo e Wirtschaftsminister, dee séng Vergangenheet vun zynesche Remarken vu Mécken a Päiperleken hannert sech léist, an dee gemeinsam mam Nohaltegekeetsministère fir eng staark a kloer Emwelpolitik antrëtt, déi letztlech och Betriber eng Planungssécherhet gëtt. Kloer Regeln – gutt Emsetzung vu Gesetzer: virun allem dat ass och eng simplification administrative!

- * mäer brauchen eng Reform vun der Umweltverwaltung, datt si hier Aarbecht besser maache kann;
- * mäer brauche Gemengen, déi sech eben och hirer Responsabilitéit stellen an hier Gesetzer kënnen a Genehmegunge fir hier Zonen erstellen, hier PAG'en iwwerschaffen;
- * a mäer sollen dach vgl eng aner Diskussiounskultur kréien. Wat wär da gewiescht, wann hei jiddwereen an engem korrekten Toun zouginn hätt, datt hie matschëlleg ass... Ech weess net wéi et iech geet, ma ech hunn ëmmer manner Loscht op esou Polemik, mam Fanger op enee weisen... wou méi zerstéiert gëtt a wéineg fir d'Saach eraus kënnt.

Duerfir steet de Monkeler och fir grondsätzlech: e bessert schaffen, en anere Politikstil an eng aner Diskussiounskultur! An och duerfir triede mäer an.

Bon, ma bei der Fro vun der "revolucion" – wou ech am Ufank ugeschwat hunn - kënnt een awer net un der Fro vum Wuesstem derlaanscht. Wat wuar dat en beandrockenden Austausch vun Iddien tëscht dem Reinhard Loske an Harald Welzer bei dem Forum, wou mäer virun e puer Wochen mat aneren organiséiert haten. Do ass ee gewuer ginn, datt de Wuesstemsprinzip och an der Ekonomi guer net esou aal ass, ma datt sech d'Konzept virun allem an den Zäite vum kale Krich verankert huet: wéi ee Block wollt weisen, datt hie besser ass wéi deen aneren. Wou d'Fro opgeworf ginn ass, op fir eis Gesellschaft wirklech d'Gier esou bestëmmend ass, de Wonsch besser ze sinn, méi ze hunn wéi den aneren. A wou den Harald Welzer der Argumentatioun d'These géint iwergestallt huet: wann de Mensch wirklech an diem Ausmooss giereg wär, da wär eis Mënschheet net bis haut komm. Eis gesellschaftlech Entwécklung konnt sech just maachen, well de Mënsch och grondsätzlech solidaresch ass, e kooperativt Wiese wat de Matenee sicht. An eis Zivilisatioun, esou den Harald Welzer, huet jo och eigentlech vill erreecht: et bleibt enorm ze maachen, ma de Sozialsystem, Demokratie... hunn Agang an eis Gesellschafte kritt. A nëmme well elo coûte que coûte eenzel Verrieder vum Wuesstem – siehe Freihandelsvertröge – nach méi reibereg wëlle ginn wéi jee, sollen a kënne mäer als Gesellschaft déi Acquis'en net a Fro stellen!

De Paradigmewiessel läit effektiv dran, datt een erausklëmmt aus deem Denkschema. Wéi sot de Reinhard Loske: wat eréicht 90 Joer aal ass, wéi d'Iddi vum Wuesstem, wärte mäer dach duerch e besseren, mei solidareschen, gerechten, zukunftsfaege Modell ersetze kënnen... am Geescht vun eiser zivilisatorescher Entwécklung.

An ech kucken do voll Bewonnerung op nei sozial Initiativen, wéi Tauschreng, wéi Repaircafén, wéi Transition Town... wou Leit ganz bewusst dem globale Modell erëm e regionalen entgéintsetzen, eent wou d'Leit d'Schicksal an d'Hand huelen a wou d'Mënschen am Mateneen probéieren eppes ze realisieren.

An déi Dossieren, un deene mäer all zesummen am Mouvement schaffen, stinn och fir "la revolucion" am kléngen, fir en anert Gesellschaftsbild. Wéi sot och den Harald Welzer: Jonker vu 25 Joer vun haut si mat der Iddi vun der Zerstäierung vun der Welt opgewuess – mäer setzen deem ganz aktiv a konstruktiv en anere mënschleche Modell géint iwwer.

- Bei villen eenzelnen Dossieren: engem Dossier Mansfeld an der Stad wou mäer fir de Schutz vun eisem Patrimoine am Interessi och vun der Quartiersentwécklung antrieden, wa mäer eis fir den Erhalt vu Fliedermais an ale Minièren asetzen, wa mäer den Erhalt vun der Funktioun vun der Diddelenger Baach akloen, wa mäer fir eng nohalteg Bschgestioun sinn, wa mäer elo eng Aktioun fir Gréngs an den Uertschaften a méi flott öffentlech Räum lancieren...

- Wa mäer net noginn, datt mäer en effiziente Klimaschutz brauchen, datt Lëtzebuerg muss endlech d'erneierbar Energien, d'Energiespueren, eng Energiestrategie reell viru bréngen. Wéi sot de Premier wéini an enger Réunioun: *“Ech setzen ëmmer e bëssjen eegen do bei anere Regierungschefen wann et ëm erneierbar Energien asw. geet. Ech well do méi froen op EU-Niveau, wéi vun aneren virgeschloen... Ma da setzen ech bei Kollegen, déi scho viles méi wéi mir zu Lëtzebuerg opweises hu wéi mäer an ech well dienen erklären, et géing nach mei op EU-Niveau...”* Wat en erfrëschenden éierleche Satz. Hoffe mäer, datt Lëtzebuerg sech dann elo endlech nach vill méi staark sénger Verantwortung vum Klimaschutz an enger anerer Energiepolitik stelle wäert, mäer wäerten et op alle Fall weider akloen.
- Bei eisem Engagement an enger Nordstad, wou mäer nach ëmmer un d'Dezentraliséierung gleewen; engem Naturpark Mëllerdall, wou mäer weiderhin als Chance fir d'Regioun gesinn.
- Wa mäer weiderhin méi eng konsequent Landesplanung akloen, wa mäer wëllen datt d'plans sectoriels demokratesch diskutéiert ginn, an datt och do soll d'Fro am Virdergrond stoen *“wéi e Lëtzebuerg fir muer”* - wéi eng Organisatioun vun eisem Land.
- Wa mäer eis fir eng politesch Bildung, Bedeelegung vu Leit bei Planungen asetzen, vun de PAG'en bis bei Mobilitéitskonzepter. Wa mäer fannen, datt an de Conventiounsgebidder tescht Gemeng a Staat, wéi am Uelzechtall, méi Transparenz an Demokratie ugesot muss sinn;
- Wa mäer elo soen, maacht dach keng blann TVA-Erhéichung, ma kuckt op der net éischt Akzenter am Sënn vun enger nohalteger Steuerreform kënn setzen;
- Wa mäer den Infrastrukturminister wäerten am Projet Tram ënnerstëtzen, reell Verbesserungen vum ÖT weider akloe wäerten ;
- ... a viles méi

... jo, mat all deenen Iddien verkneppé mäer en anere Gesellschaftsmodell.

No 100 Deeg nei Regierung weess ee nach net op si och fir en anere Gesellschaftsmodell steet. Mäer maachen eis zwar Suergen, well ee vu verschiddene Säiten nach näischt héieren huet, en Inneminister huet sech nach net wierklech zur Baulandmobiliséierung geäussert, obwuel d'Gemengen grad elo wou si hier PAGen maachen do Infoen bräischten, eng Madam Nagel äntwert net op eng Demande d'Entrevue zum Denkmolschutz, e Pierre Gramegna sot nach kee Pipcheswuert a Richtung nohalteger Budgetspolitik oder nohalteger Steuerreform... an awer wär et ze frei ze jugéieren. Mäer ginn hinne nach Zäit... wäerten duerch eis Ureegungen probéieren eise Beitrag fir e liewenswäert Lëtzebuerg fir muer ze leeschten...

E Schlusssatz: 100 Deeg huet haut awer nach en anert Symbol fir mech. An quasi 100 Deeg geet de neien Oekozer op. A nieft der Tatsaach, datt mäer do vill besser schaffen, eis engagéieren, diskutéieren a viles méi kënnen... kënnen mäer do och vläit méi zesumme laachen, feieren, eis begéinen, austauschen ... a bei engem Patt de neie Gesellschaftsmodell mat Liewe fëllen.

Ech soen Iech Merci